



3. Abrëll 2021 / 43



Schëin Ouschteren

Wäert Jugendleeder, Jugendleederinnen,
Stellvertrieder, wäert Kollegen,

Mir wënschen Iech allegueren eng schëin Ouschterevakanz a dass Dir weider allegueren mat Ären
Jugendlech gesond bléift.

Formatioun FOCO Admin:

Iwwert den INFS sinn ca. 60 Persounen ugeschriwwen ginn fir dat si sech fir FOCO admin sollen umellen.
Des Formatioun gëtt an Zesummenaarbecht mat INFS, DPV a JFA ofgehalen.



CORPS GRAND-DUCAL
INCENDIE & SECOURS

Administratives und rechtliches für den Jugendleiter

Weider Infoen zu Formatiouen sinn:

- Et gëtt probéiert dëst Joer nach 3 Formatiouen JP1 ofzehlen.
- 2022 wäerten dann JP2 & JP3 kommen.
- Hannert de Kulissen gëtt un Formatiouen New Games a Grouss Spiller geschafft a wäerten gläich
ausgeschriwwen ginn.

Merci am Numm vum JFA!

INFO'EN säitens der DPV (Département des Pompiers volontaires)



E neien Member beim DPV:

Ufanks dës Joers huet den Nik Schon, niewent dem Jean-Jacques Schroeder, dem Max Weisgerber an dem Jeffrey Weyer, als neie Mataarbechter am Departement vun de fräiwëllegen Pompjeeën (DPV) an der «Direction de la Coordination opérationnelle» (DCO) vum CGDIS ugefaange mat schaffen.

Seid sengem 8. Liewensjoer ass den Nik als Jugendpompjee an der Entente Jugendpompjeeën Uewersauer, déi aus der Jugend vum CIS Lac an dem CIS Boulaide besteet, aktiv. De CIS LAC ass de Rettungsdéngscht aus der Stauséigemeng, de CISBOU den Zenter an der Gemeng Bauschelt. Haut ass hien Helfer vun de Jugendleederen a péckt eng Hand op den Übungen an Aktivitéite mat un.

Mat 16 Joer ass den Nik an den aktiven Déngscht gewiesselt. An der Zwëschenzäit ass hien 20 Joer al, an pompier opérationnel am CISLAC, mee och am SAP Beräich am CIS Wiltz aktiv.

Am DPV këmmert hien sech virun allem de Beräich Recrutement an Adhésioun vun neie Pompjeeën a Jugendpompjeeën an de CGDIS.

Kontakt DPV: volontariat@cgdis.lu, 49771-2332

E neien Member beim INFS an e wichtegen Uspriechpartner fir den JFA:

Bob Rausch

Gestionnaire formation encadrement jeunes pompiers

Institut National de Formation des Secours

Département Formation spécialisée

Formation jeunes pompiers

Tél. +352 49771 2559

bob.rausch@cgdis.lu

Den 1. März huet de Bob Rausch um "INFS – Département Formation spécialisée" ugefange, wou hien sech ëm d' Formatiounen fir déi jonk Pompjeeën këmmert.

De Bob huet schonn ëmmer gären mat a fir jonker geschafft, sou war hien Scoutschef an ass dono Pédagogie a Sozialwëssenschaften studéieren gang.

Professionell huet hien sech beim Educationsministère em d'sproolech Integratioun vun de Flüchtlingen gekëmmert a war fir d' Lëscht Koordinator vun der Nordstadjugend a.s.b.l.



CGDIS Abrëll – Link → <https://gd.lu/796JhR>

Fir Jugenduniformen ze bestellen, sollt dir den Formulär, den dir op dynaforms fannt, benotzen: <https://dynaforms.cgdis.lu/home/documents/forms/logistics>.

Hei sinn Datumer vun deenen nächste Sportstester an Aschreiwung gött just iwwert den DPV gemaach
→ Kontakt Tél: +352 49771 2332 oder volontariat@cgdis.lu

| 2021 | | |
|------------------|---------------|---------------------|
| April | 17.04. | Itzig |
| Mai | 29.05. | Bascharage |
| Juni | 26.06. | Larochette |
| Juli | 24.07. | Clervaux |
| August | 21.08. | Mamer |
| September | 25.09. | Wasserbillig |
| Dezember | 18.12. | Bascharage |

Op de leeschten Stëppel – Opruff säitens dem JFA:

Maach mat beim Molconcours vun de Lëtzebuerger Jugendpompjeeën

Soll däin Bild op eisem
JFA-Jores-Kalenner oder
JFA-Remerciement-Kaarten sinn,

dann moolt eis e Bild, wat mat de
Pompjeeën ze dinn huet.
Wat maachen Pompjeeën besonnesch?

*Gréisst vum Bild sollt DIN A4 sinn.

*Schreif op d'Récksäit vum Bild däin
Numm, däin CIS, däin Alter,
ewéi och vlt. eng Telefonsnummer oder
E-mail Adress

w.e.g. bis 30.06.2021

Flott Präiser wäerten säitens dem JFA
verdeelt ginn 😊



Mir probéieren alleguerten Är Wënsch mat anzebannen 😊!
Well Dir eis Newsletter'en bestellen oder ofbestellen (gemäss neiem Date-
Gesetz), da sot eis Bescheed.